N°1521
Entrée le 15.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.11.2024
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 15. November 2024

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

No engem Artikel am Tageblatt vum 14. November soll et Schwieregkeete mam Accès zum CFL-Parkhaus um Belval ginn. D'Leit missten zum Deel laang virun der Barrière waarden, fir eranzekommen a souguer d'Clientë mat engem Abonnement kréiche gesot, d'Parkhaus wier voll, och wann et nach fräi Plaze gëtt. Dobäi kënnt, dass d'Clientë mat engem Abonnement keen Urecht op eng Plaz hunn. Et kéint also virkommen, dass et méi Abonnementer wéi Plaze gëtt. An der Äntwert vum 5. Mee 2023 op déi parlamentaresch Fro N°7966 hat den deemolege Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op en neien "système du contrôle d'accès" opmierksam gemaacht, deen am August 2023 sollt agefouert ginn. Dëse konnt déi genannte Problemer awer scheinbar net verhënneren.

An deem Zesummenhang wëll ech follgend Froe stellen:

- Wat sinn d'Ursaache vun der genannter Problematik? Handelt et sech heibäi nach ëm d'Konsequenze vum Brand vum 20. Februar 2024?
- Sinn d'Schwieregkeeten op de neien Zougangssystem zeréckzeféieren? Falls jo, wat gëtt ënnerholl fir de System ze verbesseren?
- Kann d'Ministesch Informatiounen doriwwer liwweren, wéi staark d'Parkhaus säit 2023 am Duerchschnëtt wärend dem Dag ausgelaascht war?
- Wéi vill Abonnementer ginn et aktuell a wéi vill si maximal am Parkhaus virgesinn?
- Wëll d'Madamm Ministesch sech dofir asetzen, dass jiddereen, deen en Abonnement bezilt, och eng Parkplaz am Parkhaus kritt?
- Falls net, ass virgesinn, déi betraffe Clienten an Zukunft ze entschiedegen?

Mat déiwem Respekt,

Liz Braz
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu